



Présidence: M. Laurent Mosar, Président

## Sommaire

- 5939 - Projet de loi portant réorganisation de la Chambre de Commerce
  - Rapport de la Commission de l'Économie, du Commerce extérieur et de l'Économie solidaire: M. Alex Bodry
  - Discussion générale: M. Félix Eischen, M. André Bauler, M. Henri Kox, M. Fernand Kartheiser (à qui M. Alex Bodry répond)
  - M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur
  - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
  - M. André Hoffmann
- Changement de dénomination de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Media et des Communications
  - M. le Président
- 5881C - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 21 avril 2004 relative à la garantie de conformité
  - Rapport de la Commission de l'Économie, du Commerce extérieur et de l'Économie solidaire: M. Alex Bodry
  - M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur
  - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- 6155 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 20 mai 2008 relative à la création d'un Institut luxembourgeois de la normalisation, de l'accréditation, de la sécurité et qualité des produits et services
  - Rapport de la Commission de l'Économie, du Commerce extérieur et de l'Économie solidaire: M. Alex Bodry
  - M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur
  - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- Question avec débat N°13 de M. Ali Kaes sur l'avenir de la Brasserie de Diekirch
  - M. Xavier Bettel, M. le Président, M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur (interventions au sujet de la recevabilité de la question)
  - M. Ali Kaes - M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur
- 6081 - Projet de loi portant modification de la loi du 9 mai 2006 relative aux abus de marché et portant complément de transposition de la directive 2003/6/CE du Parlement européen et du Conseil du 28 janvier 2003 sur les opérations d'initiés et les manipulations de marché (abus de marché)
  - Rapport de la Commission des Finances et du Budget: M. Lucien Thiel
  - Discussion générale: M. Xavier Bettel (dépôt d'une motion)
  - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- 6130 - Projet de loi modifiant les articles 157, 157bis et 157ter de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu
  - établissant un système d'échange de quotas d'émission de gaz à effet de serre
  - créant un fonds de financement des mécanismes de Kyoto
  - modifiant l'article 13 bis de la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés
  - Rapport de la Commission des Finances et du Budget: M. Gilles Roth
  - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- 6081 - Projet de loi portant modification de la loi du 9 mai 2006 relative aux abus de marché et portant complément de transposition de la directive 2003/6/CE du Parlement européen et du Conseil du 28 janvier 2003 sur les opérations d'initiés et les manipulations de marché (abus de marché) (suite)
  - Motion 1: M. Jean-Louis Schiltz, M. Xavier Bettel
  - Vote sur la motion 1 modifiée (adoptée)
- 5667 - Proposition de loi modifiant la loi modifiée du 8 juin 1999 portant organisation de la Cour des comptes
  - Rapport de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire: Mme Anne Brasseur
  - Vote sur la proposition de loi et dispense du second vote constitutionnel
- Discours de M. le Président
  - M. le Président

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Luc Frieden, Jeannot Krecké et Mme Octavie Modert, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.30 heures)

► **M. le Président.**- Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

Als éischte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut de Mëtten hu mer de Projet de loi 5939 iwwert d'Chambre de Commerce. D'Riedezäit ass hei nom Modell 1 fest-geluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Hären Eischen, Bauler, Kox a Kartheiser. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum

Projet de loi, den honorabelen Här Alex Bodry. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

### 1. 5939 - Projet de loi portant réorganisation de la Chambre de Commerce

**Rapport de la Commission de l'Économie, du Commerce extérieur et de l'Économie solidaire**

► **M. Alex Bodry** (LSAP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären,

mat dësem Projet de loi, dee mer haut de Mëtteg diskutéieren, geet et ëm eng Reorganisation vun der Chambre de Commerce. Eis Berufschambere sinn hei zu Lëtzebuerg öffentlech Institutionen, déi als essenziell Missioun hunn, d'Interesse vun hire Berufsgruppen ze verteidigen an ze vertrieden.

D'Berufschambere situéiere sech also iergendwéi op enger Schnëttstell tëschent der öffentlecher an der net öffentlecher Sphär, tëschent der politescher an der gewerkschaftlecher Aarbecht. Dat mécht et och net einfach, fir hir genau juristesche Natur ëmmer mat der néideger Präzisioun ze definéieren. Dat erkläert och, firwat dass mer grad bei dësem Projet de loi et mat relativ heftegen Diskussiounen op deem dote Punkt ze dinn haten.

D'Berufschamberen intervenéieren hei zu Lëtzebuerg - an dat ass eng Particularitéit vum Lëtzebuerger politesche System - an déi legislativ an och déi reglementaresch Prozedur. Mir kennen der haut fënnef. Nieft der Chambre de Commerce, wat déi eelst ass, ass dat d'Chambre des Métiers, d'Chambre de l'Agriculture, d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics an zënter Januar 2009 d'Chambre des Salariés, déi aus enger Fusioun souzesoen ervirgaangen ass vun der fréierer Chambre du Travail respektiv der Chambre des Employés privés.

D'gesetzlech Grondlag vun deene meeschte vun deene Berufschamberen ass e relativ alen Text, deen awer e puermol modifizéiert ginn ass. Et ass dat en Text, e Gesetz vum 4. Abrëll 1924, portant création des chambres professionnelles à base élective. Ech hunn et scho gesot, d'Chambre de Commerce huet scho vir-drun existéiert. Si geet eigentlech op d'Joer 1841 zrëck.

Dëse Gesetzesprojet, deen eng Reorganisation vun der Chambre de Commerce op eenzelne Punkten an engem neie Gesamttext als Zil huet, ass schonn ënnert der vieregter Regierung, allerdéngs vum selwechte Minister, vum Wirtschaftsminister Jeannot Krecké deponéiert ginn, de 15. Oktober 2008.

Deen Text huet eng dräifach Zilsetzung, wann ee sech op den Exposé des motifs zrëckberëfft. E versicht eng Rei vu rechtliche Sécherheeten ze schafe respektiv rechtlech Onsécherheeten aus der Vergaangenheet waméiglech definitiv ze berengen. E wëllt eng klärend Erbäiféierung vun der Fro vun der Affiliatioun a vun de Cotisations vum deene Sociétés de participations financières. An et gëtt gläichzäiteg profitéiert par rapport zum Urtext vun 1924, eng Moderniséierung eigentlech vun de Bestëmmungen iwwert d'Chambre de Commerce ze kréien.

Ausgangspunkt war bei dësem Projet awer - et ass keng Schan dat zouzeginn - d'Fro ronderëm de Rechtssträit, dee sech breetgemaach huet wat d'Cotisations an d'Affiliatioun vun eenzelne Membere vun der Chambre de Commerce ugeet. Déi sougenannte SOPAFlen, Sociétés de participations financières, wou et der ronn 35.000 hei zu Lëtzebuerg gëtt. Wou et also net onwesentlech ass ze wëssen, ob déi da Member oder net si bei der Chambre de Commerce, ob se cotisiéiere mussen oder net, a wéi héich déi Cotisations ass.

Dëse Projet ass eigentlech schonn den zweeten Essai, dee gemaach gëtt, fir déi dote Fro ënner anerem ze klären. Dat ass schonn eng Kéier probéiert ginn am Gesetz vum 21. Dezember 2007 respektiv e Règlement grand-ducal vun deemselwechten Datum. Mä déi Prozesser, déi duerno komm si mat Arrêté vun eiser Cour administrative, hu gewisen, dass dat doten als Rechtsbasis eigentlech net duergaangen ass, fir dee Cotisations-règlement, dee sech d'Chambre de Commerce ginn huet, och op zolidd legal Féiss ze stellen. Et war also och aus där doten Iwwerleeung noutwendeg, fir nach eng Kéier nozerüsten.

Dës Kéier wollt d'Regierung eigentlech keng hallef Saache maachen, mä si huet e Gesamttext presentéiert; dass deen, och wann d'Chamber en esou stëmmt, dann déi eenzeg gesetzlech Grondlag fir d'Chambre de Commerce wäert duerstellen. D'Chambre de Commerce wäert also net méi verbonne si mam ursprénglechen Text vun 1924, deen awer nach fir eng Rei vun anere Chambres professionnelles wäert seng Gültegkeet behalen.

Wat waren also déi Punkten, déi mer haaptsächlech diskutéiert hunn? Ech mengen, fir den Detail verweisen ech ganz gären op de schrëffleche Rapport vun der Kommissioun. E gudden Deel vun eisen Diskussiounen, och vun eisem Brëifverkéier mam Statsrot, huet gedréit ronderëm d'juristesche Natur vun der Chambre de Commerce. Ass et een Établissement public oder ass et keen?

En zweete Schwéierpunkt vun den Diskussiounen war d'Definitioun vun de Ressortissantë vun der Chambre de Commerce, wou d'Regierung eng ganz Rëtsch vun Neierunge virgeschloen hat, déi mer awer deelweis, och opgrond vun Iwwerleeungen, déi de Statsrot gefouert huet, net am definitiven Text zrëckbehalen hunn. Dat gëllt zum Beispill fir d'Fro vun der fräiwëlleger Affiliatioun un d'Chambre de Commerce. Duebel Affiliatioun bleiwe méiglech, mä awer ënner ganz restriktiv a limitativ festgeluechtene Konditiounen.

Mä loosse mer op déi wesentlech Fro zrëckkommen: Wat ass d'juristesche Natur eigentlech vun der Chambre de Commerce? Déiselwecht Fro stellt sech selbstverständlech fir all déi aner Chambres professionnelles. Et ass also eng Fro, déi horizontal sech stellt, déi mer awer nëmmen hei regle fir de Fall vun der Chambre de Commerce.

An eng Fro, déi mer och nach an der leschter Sitzung vun der zoustänneger Wirtschaftskommissioun diskutéiert hunn, war ze wëssen, ob et net och noutwendeg wär, elo wou mer hei eng Kloeerstellung maachen a soen, d'Chambre de Commerce ass en Établissement public, ob een net misst eng ähnlech däitlech Ausso maachen am Gesetz vun 1924 fir déi aner Chambres professionnelles. Et wier dat, fir se allegueren definitiv an engem Gesetzestext kloerzestellen.

Eiser Opfaassung, an dat war d'Opfaassung och vun der Regierung, dass eng Chambre professionnelle en Établissement public sui generis ass, stellt sech eng aner Positioun entgéint, dat ass déi vum Statsrot. De Statsrot, deen a relativ laangen Développementener ëmmer erëm betount huet, dass fir hien eigentlech et sech hei net ëm en Établissement public géif handeln, mä ëm eng Personne morale de droit public. An aus senger Considératioun, dass et net en Établissement public ass, découleieren eng Rei vun anere Konsequenzen a sengem Rasonnement, während aus eiser Feststellung, déi deckt sech hei mat där vun der Regierung, dass et sech ëm en Établissement public handelt, kommen aner Konsequenzen erëm herno am Text.

Jiddwereen ass do a senger Logik, mä leider sinn déi Logike kaum mateneen ze verbannen.

Mir haten dann och hei mat Oppositions formelles vum Statsrot ze dinn, deene mer probéiert hunn, duerch Kompromisstexter Rechnung ze droen. Dat ass eis awer net gelongen. De Statsrot ass bei senger prinzipieller Haltung bliwwen. Sou dass ee muss feststellen, dass mer op engem anere Wee hei amgaange sinn, eis ze bewegen als Chamber. A wat wahrscheinlech wäert zur Konsequenz hunn, dass de Conseil d'État, wéi en dat och schonn duerchblécke gelooss huet a senge jeeeweilegen Avisen, wahrscheinlech d'Dispens vum



zweete Vote constitutionnel net wäert ginn. Sou dass et, wann d'Chamber deen heiten Text esou stëmmt, wéi e vun der Kommissioun proposéiert ass, wäert missen zu engem zweete Vote constitutionnel hei an der Chamber no engem Délai vun dräi Méint kommen.

Loosse mer awer nach eng Kéier op de Fong vun der Fro agoen an eis Argumenter vläicht hei virbréngen. Mir sinn der Meenung, dass mer et hei mat engem Établissement public ze dinne hunn, well dat eigentlech der traditioneller Positioun entsprécht, déi eis Doktrin hei zu Lëtzebuerg zu deem dote Punkt hat.

Am Referenzwierk vum Här Majerus, „L'État luxembourgeois“, gi ganz kloer d'Chambres professionnelles aklasséiert an d'Rubrik vun den Établissements publics. An och de Conseil d'État huet a fréieren Avisen zu aneren Texter eigentlech, souwäit mir dat konnten novollzéien, ëmmer déi doten Thees vertratt. E war ëmmer eigentlech der Usicht, dass et sech bei de Chambres professionnelles ëm en Établissement public handelt. Fir d'leschte Kéier huet de Conseil d'État dat nach eng Kéier geschriwwen an engem Avis vun 1990, wou et ëm d'Wahlrecht gaangen ass bei de Chambres professionnelles, wou e ganz kloer seet, d'Chambres professionnelles hunn d'Qualitéit vun engem Établissement public.

Mir hunn also do déi traditionell Doktrin eigentlech op eiser Säit. An dat gëtt nach verstärkt doduerjer, dass eist ieweschst Verwaltungsgericht an zwou Décisiounen, zwee Arrêten, déi ganz rezent sinn, wou et ëm déi Fro vun der Affiliatioun respektiv vun de Cotisatiounen gaangen ass bei der Chambre de Commerce, och d'Geleeënheet hat, nach eng Kéier deen dote Punkt kloer unzegoen. An ech géif mer erlaben hei vläicht awer, well dat awer eng kruzial Fro ass, hei aus där Jurisprudenz do vun eiseem Verwaltungsgericht ze zitieren.

Also, d'Cour administrative ass zu folgender Konklusioun komm. Nodeem festgestallt ginn ass, dass de Règlement des cotisations vun der Chambre de Commerce vun enger Verwaltungsautoritéit ausgeet, huet se folgend Développement gemaach: «Tel est en effet le cas dans le chef de la Chambre de Commerce qui constitue une personne morale de droit public et plus particulièrement doit être assimilée à un établissement public. Cette conclusion s'impose au regard de ce qu'il s'agit d'une chambre professionnelle créée par le législateur, régie par un régime de droit public et investie de prérogatives exorbitantes du droit commun des relations privées. Ce constat n'est pas éternel par le fait que la Chambre de Commerce n'est pas étroitement rattachée à l'État par l'attribution au Gouvernement d'un pouvoir de tutelle, dès lors que le Gouvernement est néanmoins investi à son encontre d'un certain pouvoir de surveillance, pouvoir de dissolution de la chambre et pouvoir de commissionner un délégué à assister aux réunions de la chambre. - Article 28 de la loi du 4 avril 1924.»

An där Motivatioun do gëtt och eigentlech d'Haaptargument, wat de Statsrot entweéckelt huet, zerstéiert. De Stat huet säin Haaptargument ze soen, et ka sech net ëm en Établissement public handeln, wat war ze soen, ma hei besteet keng Tutelle. D'Chambres professionnelles si kenger Form vun Tutelle ënnerworfen. An dat ass e Merkmal awer vum Établissement public, wou an iergendenger Form eng Autorité de tutelle besteet.

Hei ass ganz kloer och festgehalen ginn, dass dee Kritär net esou streng ze interpretieren ass, wéi de Conseil d'État dat mécht. An d'Cour administrative seet och ganz kloer, dass en Établissement public net onbedéngt muss ënnert der Tutelle vum Stat stoen. Et geet duer, wann do gewësse Verbindungen bestinn. Sou dass et eiser Meenung no hei also keen Argument méi gëtt, weder an der Lëtzeburger Doktrin nach an der Aart a Weis, wéi de Statsrot bis elo eigentlech un deen dote Problem erugaangen ass wéi och an eiser Rechtssprechung, fir op en anere Wee ze

goe wéi deen, deen d'Regierung hei am ursprénglechen Text préconiséiert huet.

Dofir hu mer och eis no Hin an Hier mam Statsrot als Kommissioun am Endeffekt decidéiert, fir am Artikel 1 déi dote Fro kloerzestellen an am Artikel 1 vum Gesetz ze soen, dass d'Chambre de Commerce en Établissement public ass. Dat kloergestallt, mengen ech, bewege mer eis elo an deenen anere Froen, déi zu Kontroversen Ulass ginn hunn, an enger Verfassungsrumm, nämlech am Beräich vum Artikel 108bis am Kapitel 10 vun eiser Verfassung iwwert d'Établissements publics.

Dat ass jo e Kapitel, wat relativ rezent eréischt an eis Verfassung integréiert ginn ass duerch eng Revisioun vum 19. November 2004. Wat seet deen Artikel 108bis? «La loi peut créer des établissements publics dotés de la personnalité civile dont elle détermine l'organisation et l'objet. Dans la limite de leurs spécialités, le pouvoir de prendre des règlements peut leur être accordé par la loi qui peut en outre soumettre ces règlements à l'approbation de l'autorité de tutelle ou même en prévoir l'annulation ou la suspension en cas d'illegalité sans préjudices des attributions des tribunaux judiciaires ou administratifs.»

Dat ass also den Artikel 108bis. An do-rauser ergëtt sech deen neie Schema eigentlech, deen am Gesetzesprojet festgehalen ginn ass an dee mer zu engem groussen Deel an der Kommissioun iwwerholl hunn iwwert d'Fro vun der Affiliatioun respektiv vun de Cotisatiounen vun de Ressortissanten vun der Chambre de Commerce.

De System, dee mir elo zrëckbehalen hunn, ass dee vun engem Règlement de cotisations, deen d'Plénier vun der Chambre de Commerce muss festleeën. Deen awer dann - an dat ass en Amendement, dee mer als Kommissioun festgehalen hunn - pour approbation der Regierung virgeluecht gëtt. Dat ass e Mechanismus, deen et och elo schonn an der Chambre des Métiers am Text gëtt. An dat ass e Mechanismus, deen zumindest och an der Praxis an deenen anere Chambres professionnelles besteet. Wou all Kéiers, nodeem d'Chambre professionnelle fir hire Beräich d'Cotisatiounsbestëmmungen festgeluecht huet, dat nach eng Kéier un d'Regierung geet, fir dass se dat approuvéiert.

Et schéngt mir logesch ze sinn, dass déi Approbatioun eisichter e formale Charakter huet, fir ze präwiene, ob déi Cotisatiounen do konform sinn zu de Rechtsprinzipien, zu den Texten. Ech gesinn do net esou séier an deem heite Fall, dass, wann esou eng Décisioun geholl gëtt, aus renger Fro vu politescher Opportunitéit eng Regierung géif nee soen. Well och dat ass natierlech eng Décisioun, déi och eventuell virun de Gerichter ka contestéiert ginn.

Am Gesetzestext hei gëtt also déi legal Basis geschafen, fir esou e Règlement vun de Cotisatiounen festzeleeën. An d'Gesetz selwer leet eigentlech och zwou Limiten fest. D'Gesetz selwer seet, schreift hei vu minimale Cotisatiounen, leet also e Minimum vu Cotisatioun fest a gesäit fir d'SOPAFIen d'Méiglechkeet vun engem spezielle Regime vir, wou also net géif um Benefiss d'Cotisatioun festgeluecht ginn, mä wou eng forfaitaire Festleeung géif gemaach ginn. A si gesäit do eng ieweschst Limite vir, déi d'Cotisation forfaitaire...

► **M. le Président.**- Här Bodry, Dir misst zwar lues awer sécher zum Schluss kommen!

► **M. Alex Bodry (LSAP), rapporteur.**- Ech probéieren dat ze maachen. Déi Cotisation forfaitaire, déi d'Chambre de Commerce festleet, déi därer net iwwer 3.000 Euro sinn, wat also de Maximum ass.

Voilà, ech mengen, dat waren déi wesentlech Punkten, déi et derwäert waren nach eng Kéier hei op déi anzegoen. Fir de Rescht hu mer a ganz ville Punkten och méi Detailmodifikatiounen, déi de Conseil d'État virgeschloen huet, iwwerholl. Et bleift eng grouss Meenungsverschiedenheet op deem fundamentale Punkt vun der juristescher Natur vun der Chambre de Commerce. Mä ech denken, dass mer nach an engem spéidere Vote wäerten op déi dote Fro zrëckkommen.

Villmools Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Rapporteur. Als eisichte Riedner ass den Här Félix Eischen agedroen. Här Eischen, Dir hutt d'Wuert.

#### Discussion générale

► **M. Félix Eischen (CSV).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir schwätzen haut de Mëtteg, wéi mer et elo héieren hunn, iwwert d'Chambre de Commerce, déi eelste Berufschamber aus dem Grand-Duché. Si ass den 1. Oktober 1841, zwee Joer no eiser Onofhängegkeet, duerch en Arrêté vum Kinnek-Groussherzog Guillaume den II. gegrënnt ginn. Duerch d'Gesetz vum 24. Abrëll 1924 iwwert d'Berufskummeren ass d'Chambre de Commerce confirméiert ginn an huet des Weideren zousätzlech Pouvoir kritt.

Zu Lëtzebuerg kenne mer dräi Patronats- an zwou Salariatschamberen, mä Virriedner huet se virdrun opgezielt. D'Chambre de Commerce zielt eng 40.000 Memberen, wou méi wéi 200.000 Leit beschäftegt sinn, an déi maachen am Ganzen 80% vun eiseem PIB aus. D'Chambre de Commerce ass finanziell autonom, eenzeg Ressource sinn d'Cotisatiounen vun hire Memberen, déi obligatoresch an der Chambre de Commerce mussen affiliéiert sinn. Dës Berufskummer ass nom Gesetz vum 1924 eng Personne morale de droit public, an där all d'Entrepriseen zu Lëtzebuerg regroupéiert sinn, ausser déi vum Handwerk an der Landwirtschaft, déi jo hir eegen hunn.

Här President, mir wëssen all ëm d'Wichtigkeet vunde Berufskummeren. Wéi si alleguer, huet och d'Chambre de Commerce enorm Verdéngschter fir déi Lëtzeburger Economie. Si ass gutt opgestallt, fir d'Interesse vun de Betriber am In- an am Ausland ze verrieden. Ech denken hei un d'Käraufgabe wéi d'Promotioun, d'Prestataires de service, d'Formation continue, Lifelong learning, an net zulescht och als Intervenant an der legislativer Aarbecht, wou ech op dëser Plaz wëll dervu profitieren, fir eng Kéier alle Berufschamberen Merci ze soen, well si eis konstruktiv mat hiren heiansdo och kriteschen Avisen - virun allem ronderëm d'Opstelle vum Budget - an eiser parlamentarescher Aarbecht begleeten.

Déi Reform, déi mir elo haut de Mëtteg duerschuelen, ass noutwendeg ginn duerch eng etlech Ursachen, woubäi de Problem vun der Plainte an duerno dem Uerteel vun de SOPAFIen zu der Zwangsmitgliedschaft an de Cotisatiounen an der Chambre de Commerce wuel déi wichtegst ass. Wéinst dësem Uerteel, wat d'Handelskummer an eng Zort Lähmung, wat d'Cotisatiounen ugeet, eraversetzt, ass et wichtig, datt d'Reform vun der Chambre de Commerce esou séier wéi méiglech iwwert d'Bühn geet, well et gëllt dee Vide juridique ze klären. Niewebäi soll d'24er Gesetz moderniséiert ginn an de Statut vun der Chambre de Commerce soll och änneren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll elo net am Detail op all déi Ännerungen agoen. De Rapporteur Alex Bodry huet dat a sengem schrëftlechen a mëndlechen Rapport exzellent gemaach an deen dach awer komplexen Dossier op eng verständlech Aart a Weis virgedroen, virun allem wat de Punkt vum zukünftege Statut betrëfft, wou ee wësse muss, datt de Statsrot sech formell dem Statut vum Établissement public vun der Chambre de Commerce opposéiert. Datselwecht zielt fir de Pouvoir réglementaire, deen de Statsrot der Chambre de Commerce ofschwätzt. Hei hu mer dann de Problem mat de Cotisatiounen.

Elo huet een awer den Zock, d'Haltung vum Statsrot an dësen zwee Punkten net richtig nozevollzéien, zemoos wann ee sech dann den Arrêt vun der Cour administrative méi genee ukuckt. Op Lëtzeburger gesch steet dann hei geschriwwen, datt d'Chambre de Commerce eng Personne morale de droit public ass, assimiléiert un en Établissement public, deen awer net onbedéngt misst ënnert d'Tutelle vum Stat falen, wat och erëm incompatible mat hirer Missioun wär. De Pouvoir de surveillance vum Stat géif duergoen, esou wéi dat och am Gesetz vu '24 steet.

De Statsrot deelt awer, wéi gesot, dës Interpretatioun vun der Cour net. Mir deelen

awer déi Analys a wäerten dëst Gesetz an engem eisichte Vote matstëmme, well soss verléiere mer ze vill Zäit an d'Chambre de Commerce hir Cotisatiounen vun engem ganze Joer!

Zum Schluss, wann Der erlaabt, nach e puer Remarquë vun eiser Säit. De Statsrot bemängelt a sengem Avis, datt duerch e méigleche separate Statut fir d'Handelskummer d'Ähnlechkeet vun de Berufschamberen a Fro gestallt gëtt. Mir wësse jo, datt d'Chambre des Métiers och reforméiert sollt ginn, an datt am Mëttelstandsministère intensiv un dëser Reform geschafft gëtt. Duerfir hätte mir och léiwer gehat, déi zwou Kummeren wäer matenee reforméiert ginn. Leider ass dat awer aus bekannten Ursachen net méiglech.

Fest steet awer elo schonns, datt, wann d'Gesetz vun der Chambre des Métiers kënnt, och dëst hei vun der Chambre de Commerce muss frësch op de Leescht geholl ginn. An hei geet et kloer ëm d'Definitioun vun der Mitgliedschaft an den zwou Kummeren. Do waarde mer op en Accord, op en Text. Dat ass iwwerregens och e Punkt, deen de Statsrot opgeworf huet, deem och déi Definitioun iwwert déi sougenannte Ressortissants vun der Chambre de Commerce net ganz Satisfaktioun bréngt.

Här President, och wa mir am Oktober viraussichtlech nach eng Kéier op dëst Gesetz mussen zrëckkommen, esou gëtt dës Vote der Chambre de Commerce awer déi néideg Rechtssécherheet, fir datt si an Zukunft hire Missiounen am Déngscht vun der Lëtzeburger Economie kann nogoen.

Ech ginn heimat den Accord vun der CSV-Fraktioun a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Eischen Merci. Als nächste Riedner ass den Här André Bauler agedroen. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

► **M. André Bauler (DP).**- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Rapporteur, den honorebelen Alex Bodry, huet dës Projet de loi, deen d'Chambre de Commerce reorganisierende soll, an all sengen Detailler ausféierlech belicht. Dat erspuert et mir, datselwecht nach eng Kéier ze maachen. Ech wëll him extra Merci soe fir säi Rapport.

Erlaabt mer nach par rapport zu menge Virriedner e puer komplementär Remarquen zur Roll an zur Aarbecht vun der Chambre de Commerce ze maachen. Den Aarbechtspensum vun der Chambre de Commerce ass bemierkenswäert. All Joer avisieren hir Spezialisten ëm 150 Gesetzesprojeten a groussherzoglech Reglementer. Am Kader vun der Revue „Actualité et tendances“ mécht d'Chambre de Commerce hir Analys zur Effizienz vun den öffentliche Dépenses an huet och en exhaustive Bilan vun der Wirtschaftspolitik an de Joren 1999 bis 2004 publizéiert.

Si ass, an dat soll och eng Kéier ervirgehuewe ginn, Partner vu groussen internationalen Instituter, realiséiert ekonomesch Studien an ënnerstëtzt beziungsweis analyséiert d'Ausaarbechtung an d'Entwécklung vu wichtige ekonomeschen Indicateuren op globalem Plang.

D'Chambre de Commerce zentraliséiert doriwwer eraus e ganzen Ensemblen vu sozioökonomeschen a statisteschen Informatiounen, déi si hire Ressortissanten oder dem Grand public op Demande zur Verfügung stellt. Am Kader vun hirem „Espace Entreprises“ ënnerstëtzt d'Chambre de Commerce awer och d'Schafung an d'Entwécklung vun neie Betriber, andeems si hinnen eng Assistenz op Mooss ubitt. D'Betriber ginn och ënnerstëtzt, andeems een déi Leit, déi an hinne schaffen, appropriéiert aus- a weiderbilt.

D'Chambre de Commerce hält sech zënter Joren dëser Erausforderung un a promouvéiert esou d'Innovatioun an de Betriber. Zënter 2009 gëtt de ganze Volet vun der Formatioun an der nei formierter „Luxembourg School for Commerce“ offréiert. Et sief ervirgehuewen, datt dës Schoul op dräi Piliere berout; et sinn dat d'Formation professionnelle initiale, d'Formation professionnelle continue souwéi d'Formation universitaire.





Ech weisen och nach eng Kéier op déi zentral Roll vun der Chambre de Commerce am Beräich vun der Promotioun vu Lëtzebuerg als internationale Geschäftszenter an als Investitiounspôle hin. Erënnere mer eis nëmmen un d'Präsenz vun der Chambre de Commerce op internationale Foiren an hir Implikatioun am Beräich vun der Weltausstellung vu Schanghai.

An anere Wierder, wa mer vun Attraktivitéit, wa mer vu Kompetitivitéit schwätzen, da spillt d'Institutioun Chambre de Commerce ouni Zweifel eng determinant Roll doduerjer, datt si als Katalysator am wirtschaftleche Geschéien agéiert an duerch hir prospektiv an innovativ Roll de Standuert Lëtzebuerg à la fois no bausse verkeeft an attraktiv ze hale versicht. Duerfir ass et wichteg, datt et hir och méiglech soll ginn, d'Ressources financières, déi se fir d'Finanzéierung vun hiren diversen Aktivitéite brauch, also och a grad d'Cotisationounen, déi vun hire Ressortissant bezuelt ginn, ouni weider Ëmstänn facturieren ze kënnen.

D'Cotisatione sinn zënter Jore festgesat a goufe bis ewell net no uewen ajustéiert. Et ass ze bemierken, datt d'Cotisatione vun der Chambre de Commerce déi ënnerschiddlechst Dépensé finanzéieren hëllefen. Et wieren dat, par ordre décroissant, Aktivitéite ronderëm d'Offer vu Formationen am Kader vun der „Luxembourg School for Commerce“, Efforten, déi déi international Promotioun vun de Betriber ënnerstëtzen, d'Promotioun vum Esprit d'entreprise an d'Assistenz, déi d'Chambre de Commerce op deenen diverse Pläng erméiglecht.

Als Demokratesch Partei ënnerstëtze mir duerfir all Effort, fir der Chambre de Commerce dee Statut an déi Moyenen, déi Mëttel ze ginn, déi si brauch, fir hirer ekonomescher Missioun gerecht ze ginn. Duerfir ënnerstëtze mer och dese Gesetzesvorschlag, dee mer haut an enger éischter Liesung duerchhuelen. E Projet de loi also, deen der Chambre de Commerce och méi Rechtssécherheet verschafft doduerjer, datt gekläert gëtt, wie Ressortissant ass a wien net.

Ech soen dem Rapporteur, wéi gesot, nach eng Kéier Merci a ginn den Accord vu menger Fraktioun.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Bauler. Als nächste Riedner ass den Här Kox agedroen. Här Kox, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Henri Kox** (déi gréng). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt wëll ech dem Rapporteur Merci soe fir säi schrëftlechen a besonnesch de mëndleche Rapport zu dëser Gesetzesännerung. Meng Virriedner sinn op d'Wichtigkeet vun der Chambre de Commerce schonn agaang, duerfir brauch ech a sech net méi groussaarteg dorop zrëckzekommen. Ech brauch och net nach eng Kéier drop hinze weisen, datt d'Chambre de Commerce hei a Lëtzebuerg e ganz wichtige Rôle ze iwwerhuelen huet, sief dat innerhalb vun hirer Zunft, innerhalb vun de Gewerkschaften hir Interessen ze verdeedegen.

Et ass och wichteg, all Kéiers, wann eng Kéier eng Gesetzesännerung kënnt, datt si hir Avisé kënne ginn. Et weist sech awer och, wann et zum Schluss vun der Chamberssessioun kënnt, datt hiren Avisen heiansdo dann net méi esou richtig Rechnung gedroe gëtt, geschweige dann nach Zäit ass, fir hir Avisé richtig ze kucken. Mä dat ass a sech net de Bestand vun dëser Gesetzesännerung.

Wat eis, oder wat mech besonnesch un dëser Gesetzesännerung trotzdem e bësse stéiert, dat ass, datt mer elo virpresche mat enger Chambre de Commerce, déi wuel de Statut muss regulariséiert kréien, well et wichteg ass, datt d'Chambre de Commerce och hir Bäitrag kann erëm anzéien. Eis war et och wichteg, datt déi Gesetzesännerung kënnt. Eis feelt awer elo dat méi globaalt Kucken iwwert déi sämtlech Chambres professionnelles.

Et kann net sinn, datt mer e Gesetz vun 1924 hunn, wat elo nach net op de Leescht gezu gëtt. Mir war et wichteg, an dat hunn ech och an der Chamberskommissioun nach eng Kéier gesot, datt net nëmmen eng Ekonomieskommissioun

sech mat esou wichtige Froen ausenaner setzt, mä et ass éischter d'Institutiounskommissioun, déi sech domadder sollt beschäftegen, nämlech well eng ganz Rei vu verfassungsrechtleche Froen opgeworf gi sinn, wou och dann hei eben net d'Dispens direkt wäert gi gi vun dem Conseil d'État, an dat ass a sech dat, wat eis am wichtigsten ass.

Ech wär frou, wann am Hierscht och déi aner Chamberen - sief et an enger Kommission, an der Institutiounskommission, oder d'Regierung selwer sech mat där Problematik géif ausenanersetzen -, fir effektiv d'Statute vu sämtleche Chambres professionnelles emol op de Leescht ze huelen an ze probéieren, se op e selwechten Niveau ze bréngen, esou wéi dat och elo hei de Fall ass.

Ech mengen, ech brauch net méi op de Rôle vun deene Chamberen anzegoen. Et ass och virdru vum Rapporteur - duerfir soen ech him nach eng Kéier Merci - am Detail erkläert ginn, wéi dat sech duerstellt als Établissement public, wou mir kee Problem hunn, dat ze ënnerstëtzen. Duerfir nach eng Kéier: Mir bréngen och hei den Accord zu dësem Gesetz bäi. Ech wëll awer nach eng Kéier drop hiweisen, datt mer am Hierscht mussen dorobber zrëckkommen.

Merci.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Kox. Als leschte Riedner hunn ech op der Lëscht den Här Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Numm vun der ADR soen ech dem Här Rapporteur Bodry villmools Merci fir säi ganz präzise Rapport. Hien huet déi komplex juristesche Froe gutt beschriwwen, mat deene mir an deene leschte Wochen a Méint beschäftegt waren, esou datt mir net am Detail mussen drop zrëckkommen.

Trotzdem, déi sëllegen Diskussiounen ëm de Statut vun der Chambre de Commerce hunn eis gewisen, datt mir mussen an enger éischter Phas eemol an där zoustänneger Kommission eng ganz detailléiert Debatt iwwert de Begrëff vum Établissement public féieren. D'Froe vun engem eventuellen hierarcheschen oder funktionelle Lien tëschent engem Établissement public an der Regierung muss gekläert ginn, geneesou wéi déi verschidden Type vun Établissements publics mussen no hirer Finalitéit an hirer Natur katalogiséiert ginn.

Tëschtent Sui-generis-Konstruktiounen, wéi mir se elo bei der Chambre de Commerce hunn, kommerziellen oder kulturellen Établissement-publicen a vläicht nach anerer méi gëtt et Ënnerscheeder, déi mir mussen identifizéieren a legislativ esou begleeten, datt déi Etablissementer effizient, also flexibel a mat genuch Autonomie kënne schaffen. Déi Analys muss besonnesch och op déi verschidde Berufskummeren am Detail agoen. An eisen Ae ka jo en Organ, dat d'Chamber soll - am Numm vu senger Memberen - am legislative Prozess beroden, net hierarchesch vun engem Minister ofhänken. Dat si jiddefalls spannend Froen.

An dëser Diskussioun huet de Statsrot selbstverständlech eng wichteg Roll ze spillen. Seng Observatiounen sinn informativ, informativ a pertinent. An och, wa mir eis net ëmmer an an allem sengem Avis ralliéieren, da lauschtere mir awer mat grousem Respekt op seng Stëmm.

Här President, wa mir hei vum Statsrot schwätzen, kommen ech net derlaanscht, fir drun ze erënneren, datt och d'ADR op d'mannst zwee Memberen am Statsrot zegutt huet - esou géif et déi demokratesch Proportionalitéit hei am Land verlaangen -, an datt dës Koalitionsparteien, besonnesch alt nees d'CSV, a selbsterheerlecher Arroganz Posten, déi anere Parteien zoustinn, ënner hiren eegene Membere verdeelen.

► **Plusieurs voix.** - Ooohhh! Aaahhh!

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR). - Och dat ass eng Form vu politescher Korruptioun, eng Défaillance vun eise politesche System an eng Verletzung vum elementare politeschen Anstand. D'CSV mengt sécher, datt hir Ofkierzung géif stoe fir: C fir Chamber, S fir Statsrot a V fir Ver-

waltungen, an dat alles zesummen ass den CSV-Stat, deen hir eleng gehéiert. Si iert sech!

Här President, am Abléck ass et wichteg, datt d'Chambre de Commerce eng juristesche Sécherheet kritt, och am Hibleck op d'Anzéie vun de Cotisatione vun hire Memberen. Dat maache mir haut selbstverständlech mat de Stëmmen vun der ADR.

D'Chambre de Commerce spillt an eise Land eng ganz wichteg a positiv Roll. Hir Avisé si vun enger aussergewöhnlech héijer Qualitéit, och wa mir als ADR zwar dacks, mä nun eemol net ëmmer mat hiren interessanten Iwwerleeungen d'accord sinn. Et ass jiddefalls schued, datt déi Avisen net nach méi gelies a beuecht ginn, si géifen et verdéngen.

Mir wëllen de Frënn vun der Chambre de Commerce awer och soen, datt mir als ADR mat hire Positiounen zum Index net d'accord sinn, datt mir awer gär mat dru schaffen, fir d'Kompetitivitéit vun eisen Entreprisë substanzuell ze verbesseren. Et gëtt do vill Hiewelen, wou ee kann usetzen, an déi administrativ Vereinfachung, genuch Terrain fir kommerziell an industriell Aktivitéiten, d'Fusioun vu Mëttelstands- an Ekonomieministère, méi e groussen Asaz zu Bréissel fir d'Interesse vun eisen Entreprises an eng engagiert a couragéiert Verdeedegung vun eiser Bankeplaz sinn der nëmmen e puer dovun.

Mir nennen dës wichteg Dossier net zoufällg. Et si grad déi, wou d'CSV besonnesch eklatant versot huet. A fir d'LSAP och net ze vergiessen: Et wär schéin, wa mir de Betriber nees kéinte jonk Leit schécken, déi an de Schoulen och nach eppes anescht géife léiere wéi kompenséieren, an déi dobäi kee Saz méi kënne richtig schreiwen! Et ass heiansdo gutt, fir drun ze erënneren, datt d'ADR déi eenzeg Partei hei am Land ass, déi an eise Schoule ganz konsequent nees eng authentesch Leeschkungskultur wëllt aféieren.

Här President, fir d'Betriber an tëschent de Betriber muss d'Chambre de Commerce fir en Interessensausgläich suergen. Si muss e gemeinsamen Nenner fannen, fir eis an der Regierung d'Positiounen vun hire Memberen ze presentéieren. Mir als ADR gesinn awer och nach nei an zousätzlech Aufgabe fir d'Chambre de Commerce. Mir brauche si als kompetente Partner, fir eist Land an der Konkurrenz zu aneren nach méi staark ze maachen.

Éischtens menge mir, datt d'Entwécklungshëllef muss zu engem méiglechst groussen Deel gebonne sinn, esou datt eis Betriber kënne esou vill wéi méiglech vun deem Geld profitéieren. Duerfir soe mir, datt all Engagement, deen am Kader vun der Entwécklungshëllef geholl gëtt, egal vu wéi engem Ministère oder och vun der LuxDev, muss virdun der Chambre de Commerce virgeluecht ginn. Si soll dann, am Numm vun hire Memberen, kënne Suggestiounen maachen, wéi d'Lëtzebuerger Entreprisë kënne un esou Projeten, Programmen an Accordé participéieren. D'Regierung ass invitéiert, deene Suggestiounen dann och nozekommen.

Zweetens proposéiert d'ADR, datt d'Regierung besonnesch héich qualifizéiert Membere vum Personal vun der Chambre de Commerce als Attaché commercial mat an eisen Ambassaden a Generalkonsulater integréiert. Am Kader vun deene Strukturen sollen déi Leit, déi vun der Chambre de Commerce kommen, ganz besonnesch op kommerziellen an ekonomeschen Dossiere schaffen. Si hunn dofir déi néideg Kompetenz, den Ausseministère kann hinnen dee richtige Kader fir hir Aarbecht offréieren.

Här President, als ADR gi mir de Betriber och nach aner Garantien. Mir halen zum Beispill drop, datt d'Verwaltungsreit vun den Entreprises exklusiv no Qualitéitskritäre besat ginn, dat heescht ausdrécklech ouni all Geschlechterproportionen! Den CSV-Fraeministère an d'LSAP dreeme jo dovun, mëttelfristeg eng obligatoresch Fraequot an de Verwaltungsreit an eventuell och an den Direktiounen vun den Entreprises anzeféieren. Mir soen: D'Fanger ewech vun den Entreprises! D'Entreprisë sollen hir Personaldécisionen och weiderhi kënne a voller Onofhängegkeet treffen.

D'ADR verlaangt, datt de Stat spuert. Mir hunn als éischt Oppositionspartei eis

Propositionen dozou publizéiert, an esou wäit wéi méiglech soll de Stat op Steuererhéijunge verzichten. D'Kompetitivitéit vun den Entreprises heescht och eng rationabel Besteuerung a keng prohibitiv!

Drëtens sti mir konsequent fir Fuerschung an Entwécklung am Kader vun eisen etheschen Normen. D'Grënnung vun neien Entreprises an eng Verwaltungsreform, déi et de concernéierte Verwaltungen erméiglecht, déi national ekonomesch Acteuren optimal ze ënnerstëtzen. Als ADR besti mir awer och op där sozialer Verantwortung vun den Entreprises, a mir riichten en ausdrécklechen Appel u si, fir och schonn e bësselche manner jonke Leit, also Leit vu 45 Joer un, eng reell Chance op eise Aarbechtsmaart ze ginn.

Mir denken och, datt mir keng onnéideg Polemiken tëschent dem privaten an dem öffentlichen Secteur brauchen. Mir brauchen déi zwee Secteuren,...

(Interruptions)

...eng kompetitiv an innovativ Ekonomie...

Ech si frou, datt d'LSAP waakreg gëtt. Dat ass e positiven Nieweneffekt vun der ADR heibannen.

Mir brauchen déi zwee Secteuren, eng kompetitiv an innovativ Ekonomie geneesou wéi eng effizient an zuverlässeg Verwaltung, an ee brauch deen aneren. Privat an öffentlech heescht an eisen Aen e Mateneen an net e Géinteneen.

Här President, dës Reform vun der Chambre de Commerce ass e wichtige Schrëtt. De Statsrot gëtt eis d'Geleeënheet, nach weider iwwert dësen Dossier a seng connexe Problematiken nozedenken. Dat maache mir dann och ganz gär.

Ech soen lech Merci.

(Interruptions)

► **M. le Président.** - Merci dem Här Kartheiser. Elo kritt d'Wuert den Här Wirtschaftsminister Jeannot Krecké.

(Interruptions)

► **M. Alex Bodry** (LSAP), rapporteur. - Här President!

► **M. le Président.** - Den Här Bodry wëllt awer nach virdun eppes soen.

(Interruption)

► **M. Alex Bodry** (LSAP), rapporteur. - Jo, kuerz, éischters fir den Accord vu menger Fraktioun anzebréngen. Dat hat ech am Äifer vum Gefecht a mat der Pressioun vun der Riedezäit net gesot.

An zweetens, fir awer och nach op en Textproblem hinze weisen, dee sech erausgestallt huet, wou och e Brëf geschriwwen ginn ass un de Conseil d'État. D'Membere vun der Kommission hunn och eng Kopie dovunner kritt.

Et ass esou, dass mer beim Artikel 4 eng Modifikatioun eigentlech virgeholl hunn. Mir haten eis ralliéiert engem Vorschlag vun der Chambre des Métiers, deen de Conseil d'État iwwerholl huet. Mir soen dat och am Commentaire zu deem Artikel, hunn awer hannerenno am Text, deen ofgestëmmt ginn ass, deem net Rechnung gedroen. Sou dass also beim Artikel 4, Paragraph 2, do wär de leschten Alinea ze remplacéieren duerch en neie Paragraph 3, deen, wéi gesot, an den Dokumenter zrëckzeféieren ass. Et ass eng Propositioun vun der Chambre des Métiers gewiescht, déi de Conseil d'État iwwerholl hat, a wou mir och gesot hunn, mir wäeren domadder averstanen.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Bodry. Elo kritt d'Wuert den Här Wirtschaftsminister Jeannot Krecké.

► **M. Jeannot Krecké**, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass sécher, dass hei d'Chamber ënner grousem Drock huet misse schaffen, an duerfir ass mäin opriichtge Merci fir déi Aart a Weis, wéi Der dat déi lescht Woche gemaach hutt.

Ech verweise just drop, dass dat hei e Gesetz ass, wat vum Oktober 2008 un





déposéiert war, an dass et net d'Chamber war, mengen ech, déi hei lues gemaach huet. Dee leschten Avis complémentaire vum Statsrot krute mer de 6. des 7., wat souwisou eng ganz knapp Zäit ass. Den éischten Avis war vum 23. Mäerz.

Ech sinn awer frou, dass Der dat elo huet, an och wann d'Dispens vum zweete Vote méiglecherweis hei net erfollegt, da fannen ech dat och net schlëmm. Ech gesinn dat absolut net als en Drama. Dat ass jo virgesinn, virgesinn an eiser Constitution, virgesinn an der Aart a Weis, wéi eis Institutionen zesummeschaffen.

Ech hunn nach deem een oder deem anere Projet, wou ech mengen, dass een eppes Ähnlech misst maachen, fir dass ee virukënn. Well et kann ee jo awer net décement all Kéiers bei all Gesetz zwee, dräi Joer musse waarden, bis een dann nach ënner Drock, wéi dat elo hei geschitt ass, probéiert, esou e Gesetz duerch d'Chamber ze bréngen.

Dee Projet de loi, deem ass u sech gebuer jo, wéi den Alex Bodry als Rapporteur dat gesot huet, ënnert dem Drock vun enger Rechtsónsicherheit. A mir haten dat jo schonn eng Kéier probéiert ze redreséieren. Dat war erëm eng Kéier net genuch, an duerfir hu mer gesot, dës Kéier musse mer et dann anstänneg maachen.

Fir all déi, déi léiwer, wéi dat ëmmer ass, e globaalt Konzept gären hätten, wat d'Chambres professionnelles ubelaangt, soen ech, déi hunn an der Theorie Recht. Mä an der Praxis muss een awer alt emol heiansdo agéieren, och wann dann all déi aner Texter net do sinn. Ech rappeléieren, dass déi Texter do vu '24 sinn, an d'Chamber hätt och scho längst Zäit gehat, eng Kéier driwwer ze kucken.

Souwisou, mengen ech, ass dat hei eng Aarbecht, déi souguer éischter vun der Chamber selwer soll an d'Hand geholl ginn, géif ech mengen, duerch den eminent wichtige Rôle an der Aart a Weis, wéi déi Institutionen zesummeschaffen, déi d'Chambres professionnelles vis-à-vis vun der Chamber anhuelen. An ech hunn och absolut kee Problem, au contraire, ech géif mengen, et wär gutt, wann Der d'Geeleënheet huet, an der Institutionskommission eng Kéier heiriwwer ze schwätzen an eben déi aner Chambre-professionellen och eng Kéier op de Métier ze huelen, fir ze kucken, wéi dat Zesummespill nun eben ass.

Ech mengen,...

## (Interruption)

Gelift?

► **M. André Hoffmann** (*déi Lénk*).- Dat ass eng gutt Iddi.

► **M. Jeannot Krecké**, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur*.- Jo. Et muss ee soen, dass zwee Grënn derfir plädéieren, Här Hoffmann. Dat Éischt ass, ech mengen, mir hu '24 eng Opfaassung gehat, wat eng Chambre professionnelle soll duerstellen. Ech mengen, dat ass net méi vereinbar mat deem, wat mer haut am Fong geholl en place gesat hunn, esou wéi et gewuess ass.

Dat Zweet ass, mir hunn do e juristesche Sproochgebrauch, deem, mengen ech, moderniséiert muss ginn. Mir mussen deem adaptéieren. Wann een nëmme kuckt d'Aufgaben, déi déi Chambres mëttlerweil ofdecken, an do soen ech, dat ass awer déi alleréischte Aufgab, déi ass net, eis ze beroden, mä d'Intérête vun hire Memberen ze verrieden.

Doriwwer eraus si mer frou, Dir als Chamber, mir als Regierung, se quasi als konsultativt Organ ze hunn. Mir sinn an der Regierung frou, dass mer se mat enger Rei Aufgabe kënne betreien, wou ee sech d'Fro kéint stellen, ob d'Regierung déi net och kéint maachen, mä wou mer der Meinung sinn, dass si dat op eng wesentlech méi effikass Aart a Weis maachen, well se méi no bei de Betriber sinn, wéi mir dat nun ebe sinn.

Duerfir, an der ganzer Formatioun, an der Fro vum Guichet fir d'Entreprises, an der Fro vun der Promotioun huele si ganz

Deeler vun den Aufgaben an enker Zesummenaarbecht mat eis wouer.

Duerfir mengen ech, eleng doduerch, wéi déi Aufgaben esou changéiert hunn, ass et derwärt, eng Kéier iwwer all déi aner Texter och ze kucken, déi et an deem do Beräich gëtt.

Wéi gesot, dee Versuch vun der Kloecheit, deem hu mer hei probéiert eranzekréien, a wa mer d'Dispens net kréien, wéi gesot, dann ass dat keen Drama. Ech soen op alle Fall Merci fir déi vill a gutt Aarbecht, déi hei gemaach ginn ass an der Kommission zesumme mat menge Leit. Besonnesch dem Rapporteur, dee probéiert huet, och déi juristesche Aspekter, fir déi hie jo besser outilléiert ass wéi munch anerer, ze beliichten.

Ech sinn och frou, dass d'Chamber hei eng couragéiert Haltung ageholl huet an éischter kuckt, wéi d'Jurisprudenzen ausgesinn déi lescht Zäit, an dann och wegweisend probéiert, eng nei Richtung ze goen.

Wéi gesot, Här President, ech sinn absolut frou, dass déi Aarbecht esou konnt gemaach ginn, a wa mer dann eben d'Dispens net kréien, da komme mer nach eng Kéier drop zrëck.

Merci

► **M. le Président**.- Merci dem Här Wirtschaftsminister. Domadder wär d'Diskussion ofgeschloss a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Wéi awer den Här Rapporteur Alex Bodry eis opmierksam gemaach huet, ass am Artikel 4 e materielle Feeler. Mir mussen also de ganzen drëtte Paragraph folgendermoosse liesen: «Cependant un ressortissant de la Chambre des Métiers peut également faire l'objet d'une affiliation à la Chambre de Commerce, s'il s'agit d'une entreprise commerciale ou industrielle exploitant accessoirement et en relation directe avec l'entreprise principale un atelier artisanal, conformément à la législation en matière d'établissement. Il en est de même pour un ressortissant de la Chambre des Métiers, titulaire d'une autorisation en qualité de commerçant, au cas où l'exercice effectif d'une activité de commerce d'articles et de produits sans aucun rapport avec son activité artisanale est établi.»

Mir stëmmen elo iwwert den ofgeännerten Text of a wäerten dem Conseil d'État dës Ännerung schrëftlech matdeelen.

## Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 5939 ass ugehall mat 58 Jo-Stëmmen an 1 Enthaltung.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval (par M. Félix Eischen), Nancy Arendt (par M. Mill Majerus), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies (par M. Fernand Boden), Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Lucien Clement), Lucien Weiler (par Mme Martine Mergen), Raymond Weydert et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Roger Negri), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;*

*MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss (par M. Claude Adam) et Henri Kox;*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen) et Fernand Kartheiser.*

*S'est abstenu: M. André Hoffmann.*

Wëllt een déi Enthaltung begrënnen?

## (Assentiment)

Den Här Hoffmann huet d'Wuert.

► **M. André Hoffmann** (*déi Lénk*).- Här President, ganz kuerz: Ech hunn näischt géint dee Projet de loi, just waarden ech eigentlech gären of, awer net passiv, dass mer eng Diskussioun féieren iwwer eng Harmoniséierung vun deem legale Kader vun alle Chambres professionnelles.

Ech géif och gär déi Suggestioun vum Här Minister opgräifen, dass mer an der Kommission vun der Constitution a vun den Institutionen déi do Fro opgräifen, well ech mengen, dat wär déi Kommission, déi dee fundamental constitutionnel Aspekt kéint behandelen.

Merci.

► **M. le Président**.- Merci dem Här Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

## (Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

## 2. Changement de dénomination de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Media et des Communications

Fir d'Bedelegung vun der Chamber un der Conférence interparlementaire européenne sur l'espace ze erméiglechen, schléit d'Präsidentekonferenz vir, d'Bezeichnung vun der Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Media et des Communications mat der Bezeichnung „de l'Espace“ ze erweideren.

## (Interruptions)

D'Kommission gëif dann elo Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Media, des Communications et de l'Espace heeschen.

Ass d'Chamber domadder averstanen?

## (Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

► **Une voix**.- Oh!

## (Interruptions)

► **Une autre voix**.- Mir kéinten direkt „de l'univers“ soen, da brauche mer net nach dräimol ëmzeänneren.

► **M. le Président**.- Mir kommen elo zum Projet de loi 5881C iwwert d'Garantie de conformité. D'Riedezäit ass hei nom Basismodell festgeluecht. Et huet sech bis elo ageschriwwen just den Här Spautz. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Alex Bodry. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

## 3. 5881C - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 21 avril 2004 relative à la garantie de conformité

### Rapport de la Commission de l'Économie, du Commerce extérieur et de l'Économie solidaire

► **M. Alex Bodry** (*LSAP*), *rapporteur*.- Bon, Här President, Dir Dammen an Dir Härën, bei dësem Projet de loi geet et drëm, fir eis konform ze setzen, dann ee fir alle Mol richtig ze setze mat enger scho relativ eelerer Direktiv vun 1999, déi mer ëmgesat haten an engem Gesetz vun 2004 iwwert d'Garantie de conformité due par le vendeur de biens meubles corporels, a wou doropshin awer d'Servicer vun der Kommission zur Iwwerzeegung komm sinn - an ech muss soen, et kann een hinne dat schwéierlech falsch maachen -, dass déi Transpositioun vun der Direktiv vun '99 an eiem Gesetzestext vun 2004 net zu honnert Prozent korrekt gemaach ginn ass.

Et sinn haaptsächlech zwee klenger Punkten, wou se feststellt, dass do den Text vun der Direktiv net iwwerholl ginn ass duerch de Lëtzeburger Léiglateur, an dat huet dann och zum Déclenchement vu Prozedure géint Lëtzebuerg gefouert. Den 18. Mäerz 2010 huet d'Europäesch Kommission en Avis motivé géint Lëtzebuerg ausgesprach, weinst eben Transposition non

conforme vun zwou Dispositiounen vun där Direktiv vun 1999.

Dat huet dann zu enger Accélération vun de Prozedure gefouert. D'Regierung hat schonn an engem méi eelere Projet, kann een ewell scho soen, iwwert de Code de la consommation virgesinn, fir déi korrekt Transpositioun vun der Direktiv virzehuelen. Elo ass et awer esou, dass dee Code de la consommation nach voll an der legislativer Prozedur mat dran ass, wou mer och nach op e grësseren Avis vum Statsrot waarden iwwer eng ganz Rei - en neien Deel eigentlech, deem an dat Gesetz iwwert de Code de la consommation mat erageholl ginn ass, esou dass elo gefrot ginn ass vun der Regierung, fir deem Text erëm frësch opzesplécken. De Conseil d'État war d'accord, fir dat ze maachen, an huet elo e punktuellen Avis ginn zu där doter Fro vun der Konformitéit zu der Direktiv vun 1999 iwwert d'Garantie de conformité.

Dat hu mer och an eiser Kommission gekuckt. Mir sinn d'accord mat deenen textuelle Modifikatiounen, déi de Statsrot proposéiert hat. Mir hunn awer festgestallt, dass och de Statsrot am Äifer vum Gefecht sech awer konzentréiert huet am Text nëmmen op eng vun deenen zwou Dispositiounen, déi net konform ëmgesat waren, an dass déi zweet Dispositioun vergiess gi war, fir déi mat ze iwwerhuelen. Duerfir hu mir da vun eiser Säit erëm eng Kéier en neien Text proposéiert, deem dann an allerleschter Minutt och vum Statsrot nach guttgeheescht ginn ass, sou dass mer also elo e Projet de loi hei hu mat zwee Artikelen, wou dann all Kéiers ee Punkt, deem net konform ëmgesat gi war vun der 99er Direktiv, iwwerholl gëtt.

Ëm wat geet et? Bei deem éischte Punkt, do geet et ëm d'Definitioun vum Zäitpunkt, wou de Konsument eigentlech konnt Kenntnis hu vun engem eventuellen Defekt. An eiem Gesetz vun 2004 steet, dass de Konsument kann eigentlech d'Konformitéit vun engem Gutt, wat kaaft ginn ass, net méi contestéieren, wann e wusst oder net konnt ignoréieren, am Moment vun der Aushänegung vum Gutt, dass do en Defekt war.

An der Direktiv steet awer, dass et de Moment ass vun der Konklusioun vum Kontrakt, dee muss gekuckt ginn, ob e bei der Konklusioun vum Kontrakt wusst oder hätt misse wëssen, dass en Defekt virläit. Sou dass eigentlech eis Dispositioun manner protectrice ass fir de Konsument wéi den Text vun der Direktiv. Ech denken, dass dat net d'Absicht war vum Léiglateur sengerzäit, mä effektiv kann een dat esou gesinn, an duerfir musse mer eis och am Sënn vum Konsumenteschutz hei konform setzen zu der Direktiv op deem dote Punkt. Do geet et also drëm, fir e puer Wieder duerch aner Wieder ze ersetzen, anstatt d'Délivrance du bien gëtt elo d'Conclusion du contrat gekuckt, ob een do eppes vun engem Defekt wusst oder hätt missen eppes dovunner wëssen.

Zweete Punkt betrëfft deem Artikel hannendrun, den Artikel 5 vun dem Gesetz vun 2004. Do ass et jo esou, dass am Prinzip, wann een eppes net geliwwert kritt huet esou, wéi een et bestallt huet, da féiert dat normalerweis zur Opléisung vum Vertrag. Dat heescht, et kritt ee seng Suen erëm, an den Objet, deem ee kaaft huet, dee geet och erëm zrëck un deem, deem e verkaaft huet. Dat ass de Prinzip.

Mä d'Gesetz gëtt awer och d'Méiglechkeet - an dat entspréngt also och där Direktiv -, dass een och ka froen, dass déi Wuer, déi geliwwert ginn ass, konform gesat gëtt, gefléckt gëtt zum Beispill. Dat kann ee froen, awer et ass keen absolut Recht, dat et gëtt, oder dat Recht gëtt erëm beschränkt doduerjer ënner anerem, ob iwwerhaupt dat materiell méiglech ass, fir déi Reparatur do, déi Mise en conformité do ze maachen, oder ob dat net disproportionéiert wär zur Valeur vun deem, wat kaaft ginn ass.

Hei geet et ëm d'Definitioun vun dem Dédommagement disproportionné. Wéini ass et disproportionéiert? Do hu mir an eiem aktuellen Text vun 2004 dat net definéiert, praktesch der Jurisprudenz, de Gerichter dat iwwerlooss, vu Fall zu Fall dat festzeleeën. Or, an där Direktiv, do gëtt et allerdéngs Kritären an hei gëtt proposéiert, wéi gesot, déi Kritäre vun der